PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Mat der Aféierung vum 2G+ duerch dat aktuellt Covidgesetz muss jiddereen, ob geimpft oder geheelt, ee Schnelltest maachen, fir u verschiddenen Aktivitéite kënnen deelzehuelen, zum Beispill fir an de Restaurant oder an de Kino kënnen eranzekommen. Persounen, déi hiert Opfrëschungsimpfung (Booster) kruten, sinn dovunner ausgeholl.

Bei Jonken ënner 18 Joer ass awer elo de Problem, dass si nach kee Booster kënne maachen, well am Moment zu Lëtzebuerg keng medezinesch Indikatioun besteet, fir Mannerjäregen eng drëtt Dosis ze ginn. Dat bedeit, dass déi Jonk déi „gelackmeiert" bei der Saach sinn, well souguer wann si zënter Méint komplett geimpft sinn, kënnen si nach net geboostert ginn.

Dës Situatioun féiert a verschiddene Liewenssituatiounen zu enger Diskriminéierunge vu ville Jonk, well si verschidde Plaze guer net méi dierfe besichen. Wéi een op verschiddene Posts op de soziale Medie liest, géingen zum Beispill verschidde Kinoe keng Schnelltester op der Plaz ubidden an och keen Test vu baussen akzeptéieren an doweinst Jugendlecher, trotz dass si geimpft sinn, guer net méi era loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung der aktueller Situatioun entgéintwierken, fir dass déi Jonk, déi komplett geimpft sinn an nach kee Booster an Usproch kënnen huelen, net weider duerch den 2G+ um Deelhuelen u verschiddenen Aktivitéiten ausgeschloss ginn? Falls jo, wéi gedenkt d'Regierung hei z'agéieren a wéi schnell wäert dës passéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député